



Luxembourg, le 28 janvier 2025

COMMUNIQUÉ DE PRESSE

Rosa Lëtzebuerg asbl

BP 1037

L-1010 Luxembourg

info@rosaletzebuerg.lu

www.rosaletzebuerg.lu

RCS F287

LU27 0019 4355 3052 9000

BCEELULL

Rosa Lëtzebuerg féiert Plainte géint ë.a. den Auteur vum Haasskommentar an den Deputéierten Tom Weidig

Den 8. Februar huet den Deputéierte vun der ADR, den Tom Weidig, an engem Post op Facebook[1], deen net als aneschtens als transfeindlech ka gesi ginn, dem US-amerikanesche Präsident Trump fir säin Executive Order gratuléiert, mat deem dësen Transmënschen d'Participatioun am Equippesport verbueden huet.

Ënnert dësem Post sinn eng ganz Reih queerfeindlech Kommentarer am Generellen, souwéi transfeindlecher Aussoen am Besonneschen gemaach ginn. An engem mëttlerweil vum Auteur selwer geläschte Kommentar gouf oppen zur "Vernichtung vun LGBTIQ+" opgeruff. Dëse Kommentar gouf vum Deputéierten Weidig souwéi 2 weidere Persounen geliked.

Rosa Lëtzebuerg, d'Interesseverriedung vun LGBTIQ+ Mënschen zu Lëtzebuerg, weist sech net nëmmen entsat iwwert dëse Post, mee nach vill méi doriwwer, datt dëse vun engem gewielte Volleksverriedenden geliked gouf. Datt den Här Weidig sech réicht dono an Interviewen dofir entschëllegt, nodeems éischt Medien doriwwer bericht hunn, ass fir Rosa Lëtzebuerg dofir alles aneschtens ewéi éierlech. En offizielle Statement vum Deputéierten op sengen eegenen soziale Kaneel oder um Site vun der Partei felt bist haut, sou datt sech eis den Gedanken opdrängt, datt d'Excuse net fir déi eegen Follower, mee just fir déi geduecht, déi an der Ëffentlechkeet dono froen. Dozou kënn, datt och e Like "am Eifer des Gefechts" [2], wéi am Här Weidig senger Ausso um Radio 100,7 ze héiere war, nach ëmmer eng prinzipiell an als Zoustëmmung zum besoten Opruff zu Haass a Gewalt gewert muss ginn. Och am "Eifer des Gefechts" léisst een esou Kommentarer net stoen.

Rosa Lëtzebuerg deelt heimadden mat, datt d'Associatioun eng Plainte bei der Police géint ë.a. de Auteur vum betreffenden Haasskommentar souwéi zum Like vum selwechten duerch den Deputéierte Weidig agereecht huet.

Rosa Lëtzebuerg asbl

is proud member of





Mir fuerderen dofir, datt den Här Weidig sech senger Reechwäit als Politiker bewosst gëtt a senger Responsabilitéit als Volleksvertrieder gerecht gëtt an an déier Konsequenz vu senger politeschen Ämter an der Chamber souwéi am Stater Gemengerot zerécktrëtt.

Et kann net ouni Konsequenzen bleiwen, fir esou Messagen ze publizéiert, dës ze ënnerstëtzen an sech, soubal een dobäi erwécht gëtt, net an engem éierlechen an ugemiessenen Mooss dofir geruet ze stoen.

Mir kritiséieren doriwwer eraus d'Partei ADR, déi sech haut (Stand: 11.02.2025, 13:00) weder Stellung zum Virfall geholl hunn, nach selwer Sanktiounsmoossnamen géint hiren Deputéierten ënnerholl hunn. Dëst Verhalen dréit esou zousätzlech zu enger Radikaliséierung géint queer Mënschen bäi a muss op d'Schäerfst veruertdeelt ginn.

Rosa Lëtzebuerg asbl

BP 1037

L-1010 Luxembourg

info@rosaletzebuerg.lu

www.rosaletzebuerg.lu

RCS F287

LU27 0019 4355 3052 9000

BCEELULL

*Conseil d'Administration de
Rosa Lëtzebuerg asbl*

[1] <https://www.facebook.com/share/p/162kqVYMwY/>

[2] <https://www.100komma7.lu/news/Tom-Weidig-entschellet-sech-fir?pd=radio>

//////
Rosa Lëtzebuerg asbl

is proud member of

ILGA
EUROPE

